N° 266
Reçue le 09.12.2021

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

**Här President,**

Am Kader vun der Froestonn vum 9.12.2021 wéilt ech dem Minister fir Sozialversécherung eng mëndlech Fro stellen.

Am Oktober wärend enger Heure des questions (Fro n°247) huet de Minister erkläert, dass d'Gespréicher tëscht Fapsylux an der CNS Enn November sollen ofgeschloss ginn an, dass ee Remboursement als ab Januar sollt méiglech sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

Sinn d'Gespréicher tëscht der Fapsylux an der CNS ofgeschloss? Ass et hei zu engem Accord komm?

- Wa jo, wat sinn déi nächst Demarchen?
- Wa nee, firwat läit nach ëmmer keen Accord fir? Wäert de Minister intervenéiere fir dass endlech een Accord zu stane kënnt, esou wéi et ë.a. a gestëmmte Motioune vun der Chamber gefuerdert gëtt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Député